ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02. November 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Fläschen aus Glas an aus Plastik maachen all Dag e gudden Deel vun den Akeef hei am Land aus. Duerfir wéilt ech vun der Madamm an dem Här Minister Prezisiounen zu den Zuelen an zu der Entsuergung vun dësen Offäll:

1. Wéi vill Fläschen aus Glas fir eemolege Gebrauch, wéi vill Fläschen aus Glas fir widderhuelte Gebrauch a wéi vill Plastiksfläsche sinn 2017, 2018 an 2019 zu Lëtzebuerg verkaf ginn?
2. Wéi vill Fläsche vun dësen dräi Kategorie sinn 2017, 2018 an 2019 hei am Land recycléiert ginn?
3. Wat entsteet aus deene Recyclagen u Materalien oder Produiten?
4. Wéi ass d'ekologesch Bilanz vun der Produktioun a vum Recyclage a wat bleift als net verwäertbaren Offall?
5. Wéi vill Energie gëtt bei der Produktioun a beim Recyclage vu Glas- respektiv Plastiksfläsche verbraucht?
6. Fir wéi eng Behälteren huet d'Madamm Ëmweltminister eng Präferenz?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten